



Seul le discours prononcé fait foi

Fête nationale 2022

Cérémonie officielle à la Philharmonie Luxembourg

Discours de S.A.R. le Grand-Duc

Här Chamberpresident,
Här Staatsminister,
Léif Éieregäscht,
Léif Matbierger,

No 3 Joer fanne mir eis erëm an dem wonnerschéine Sall vun der Philharmonie an dat ass gutt esou, mä kënne mir wierklech an der Serenitéit feieren?

Déi lescht Wochen a Méint ware gepräagt vu villen Evenementer, praktesch all mat direkten Auswierkungen op eist Liewen, am Gudden, wéi am manner Gudden. Wat beweist, wéi séier an déifgräifend d'Evolutioun vun eiser moderner Gesellschaft ginn ass. An dofir musse mir eis stänneg upassen.

Wat d'Covid-19 Pandemie betrëfft, huet d'Situatioun sech méttlerweil staark verbessert.

Dat huet vill Ursaachen, net zulescht dat responsabelt Behuele vu souwuel deenen, déi hei wunnen, wéi och vun deenen, déi all Dag aus dem Ausland bei eis schaffe kommen. Mee loosst mech hei nach eng Kéier, zesumme mat der Grande-Duchesse, all deenen eist Matgefill ausdrécken, déi nach leiden, déi Familljememberen oder Frënn verluer hunn. Och e besonnesche Merci un eis Dokteren, Infirmièren, Aide-Soignanten, an all deenen, déi Dag fir Dag am Asaz si fir d'Pandemie a Grenzen ze halen.

Léif Leit alleguer,

Mir hu wuel eis Gewunnechten zréckfonnt, mee fir haut richtig ze feieren, ass et sécher nach kengem zumutt. Am Februar ass d'Ukrain vun der russescher Arméi ugegraff ginn, e Krich op eisem Kontinent, bei deem d'ukrainesch Zivilbevëlkerung ee vun den Haaptziler vu Moskau ass. Mat engem Schlag goufen hei sämtlech legal, diplomatesch an humanitär Prinzippien, déi mir eis selwer - och Russland - ginn hunn, op eng zynesche Aart a Weis violéiert. Systematesch Desinformatioun, allgemeng Negatioun vun de Mënscherechter an der Demokratie, dat ass d'Bild, dat de Regime vu Russland haut reflektéiert.

D'Suitte vun dësem Konflikt riskéiere laang unzehalen a si schonn deelweis bei eis ukomm, souwuel wéi a Russland.

Dee Krich op eise Grenzen huet d'Länner vun der Europäescher Unioun méi enk zesummebruecht. Och d'NATO huet Eenheet a Geschlossenheet bewisen a derzou bäigedroen, eis demokratesch Wäerter ze garantéieren. Leider gesäit et dono aus, datt déi international Rechtsstaatlechkeet, déi mat der UNO nom Zweete Weltkrich an d'Liewe geruff gouf, ëmmer méi a Fro gestallt gëtt, an dat net nëmme vu Russland.

Dat ass bedenklech fir Länner wéi Lëtzebuerg, deenen hir Existenz, Sécherheet a Wuelstand och dovunner ofhänkt.

Zulescht, mä sécher net manner wichteg, wëll ech de Klimaschutz uschwätzen. Trotz Allem wat mir elo wëssen, an trotz deene villen, heiansdo dramatesche Katastrophen, déi mir uechter d'Welt gesinn, gëtt de Klimawandel nach ëmmer net als absolutt Prioritéit vun alle Länner unerkant. Lëtzebuerg huet Efforte gemaach, a wäert der weider maachen. Mä eleng packe mir dat net. Ech hoffen, datt mir eis geschwënn – a fréi genuch - der Urgence bewosst ginn an déi néideg Mesuren huelen.

Léif Matbierger,

Ech hat mir virgeholl, an dëser Usproch Wiederer ze fannen, fir eis nees Courage an Hoffnung ze ginn. An dat schéngt mir duerchaus berechtegt.

Wann een d'Zäit nëmme e bëssen zrëckdréint, zum Beispill bis an d'90er Joren, da gesäit ee wéi vill uerg international Krisen a Konflikter Lëtzebuerg schonn iwwerstanen huet. Wéi schlëmm och ëmmer d'Auswierkung waren, hu mir et fäerdeg bruecht, all Kéier nees opzestoen an d'Lëtzebuurger Successstory weiderzeschreiwen.

An dat ass net dem Zoufall ze verdanken. Natierlech brauch een och e bësse Gléck. Mä ech menge mir kënnen, jo mir sollten houfreg sinn iwwer dat, wat mir bis elo gelescht hunn. Mir hunn déi grouss Chance eng politesch Kultur ze hunn, déi et fäerdeg bréngt, Konsens ëm déi Haaptproblematiken opzebauen; mir hu stabil Institutiounen, ëm déi mir vu ville beneit ginn an déi et erlaben, laangfristeg ze plangen. Eis Wirtschaft ass robust a konnt sech bis elo ëmmer upassen.

Trotz Géigewand bleift den Aarbechtsmaart ganz dynamesch: de Chômage ass elo ënner deem vun 2020. Eis Entreprisë schafe weider vill Aarbechtsplazen a bauen op d'Zukunft.

Mir liewen an enger Gesellschaft déi oppen an inklusiv ass, a wou jidderee seng Plaz fanne kann. Natierlech ass net alles perfekt, natierlech ginn et Problemer. Ech denken hei besonnesch un déi Matbierger déi net, oder net genuch un eisem allgemenge Wuelstand kënnen deel huelen. Mä wat mir wichteg schéngt, ass datt jiddereen op senger Plaz, a senger Responsabilitéit, sech dofir asetzt fir Léisungen ze fannen.

Well, nieft eisen Institutiounen ass jo dat, wat Lëtzebuerg am Fong ausmécht, a wat seng absolutt Stärkt ass: seng Awunner, Dir Léif Leit alleguer. Eis Demographie ass unique. Et gëtt kaum ee Land an Europa, wou souvill Nationalitéite matenee liewen an zesummen zum Wuel vum Land bäidroen.

Mir müssen eis dofir bewosst bleiwen, datt eise Wuelstand deelweis vum Bättrag vun deene Leit ofhänkt, déi net Lëtzebuenger sinn, wéi och vun den iwwer 200.000 Frontalieren, op déi mir ziele kënnen.

Déi Traditioun Leit vu baussen opzehuelen an anzebannen, an dat zielt och fir Flüchtlingen, ass ee vun de Schlëssele vun eisem Succès.

Léif Leit alleguer,

Ech si sécher, datt wa mir weider zesammenhalen an eis Grondwäerter respektéieren, da kënnen mir all Situatioun meeschteren, och déi aktuell, fir datt mir mateneen an eng besser Zukunft kënnen goen.

An deem Sënn wënschen ech Iech alleguer, mat der Grande-Duchesse an eiser Famill, e schéinen Nationalfeierdag.

Vive Lëtzebuerg, Vive Europa !